



unzwenden ass. Mä dat gesi mer dann no de Wahlen.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. An da si mer prett, fir iwwert de Projet 7282 ofzestëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7282 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss.

60-mol Jo: Domat ass de Projet de loi 7282 mat Unanimitéit ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, M. Aly Kaes, Mme Claudine Konsbruck, M. Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Martine Hansen), Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Bofering, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. André Bauler), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, Sam Tanson et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott unzefroen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat och esou decidéiert.

An da komme mer zum nächste Projet, dem Projet 7285 iwwert de Reamenagement vun der Rue des Scillas. An d'Madam Lorsché huet d'Wuert als Rapportrice.

5. 7285 - Projet de loi relatif à la réalisation du pôle d'échange Howald et du réaménagement de la rue des Scillas

Rapport de la Commission du Développement durable

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng), rapportrice.** - Villmools Merci. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir komme vum Süden an den Zentrum. De Projet de loi, deen ech heimat virstellen, ass geduecht, fir d'Mobilitéit an a ronderëm d'Quartiere vu Bouneweg, Houwald, Midfield a Ban de Gasperich nohaltege ze verbesseren. Wéi néideg dat ass, dat weess jiddwereen, deen eemol do ënnerwee war.

Kuerz gesot, geet et bei dësem Finanzéierungsgesetz ëm de Bau vum Pôle d'échange Houwald an ëm de Reamenagement vun der Rue des Scillas, déi zum Pôle d'échange féiert. Fir datt den Tram an enger nächster Phas vu Bouneweg a Richtung Cloche d'Or a Kockelscheier ka fueren, gëtt vun den Aarbechte profitéiert, fir d'Rue des Scillas mat der Assise vum Tram auszustatten.

Derbäi kommen déi néideg Spure fir d'Autoen an d'Bussen an déi néideg Weeër fir d'Vëloen an d'Foussgänger. De Fait, datt d'Assise vum Tram an d'Strooss integréiert gëtt, féiert iwwergens net dozou, datt d'Strooss méi breet muss ginn, ganz einfach well d'Assise vum Tram eng Busspur kann ersetzen.

Ënner anerem enthält dëse Projet de loi och de Finanzement vun engem neien Tunnel mam Numm Rangwee, deen en zentraalt Element duerstellt am Hibleck op eng besser Gestiou vum Trafic op der Kräizung tëschent dem Boulevard Kockelscheier an der A3/B3 an der Rue des Scillas.

Ervirhiewe wëllt ech och de Bau vun enger ganz origineller Bréck, déi d'Form vun engem Y huet an d'A3 iwwerquert. Dës Bréck schafft net nëmme Plaz fir d'Assise vum Tram, mä och fir d'Mobilitéit douce a stellt eng Verbindung hier zum Ban de Gasperich an zum Quartier Midfield. No der Fäerdegstellung vun dëser Bréck gëtt déi bestoend Bréck um Echangeur Gasperich dann demontéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, d'Realisatioun vun deem ganze Projet ass natierlech un déi verschidde Phase vun der Mise en service vum

Tram gebonnen a bezitt sech méi speziell op d'Phas 3. Dës Phas enthält insgesamt eelef baulech Moosnamen, déi am Document parlementaire mat allen Detailer an technesche Finessen ze fanne sinn. Ech ginn a mengem mëndleche Rapport net méi wäit drop an, well et wierklech méi einfach ass, sech d'Biller unzekucken.

E wichtege Bestanddeel vun deem Ganzen ass natierlech och de Pôle d'échange Houwald mat enger Gare routièr vum aacht Quaien, déi eng gutt Kombinatioun vu Bus, Tram an Zuch wäert erlaben. Mat der Fäerdegstellung vun der Beetebuerger CFL-Streck wäert dës Site nach optimiséiert ginn, an zwar doduerch, datt op der Gare Houwald e weidere Quai fir d'Zich wäert entstoen.

Wat de Finanzement vun deem ganze Projet ugeet, esou gi mat dësem Projet de loi insgesamt 130 Milliounen Euro zur Verfügung gestallt. Dee gréissten Deel dovun bezitt sech op de Bau vun de sougenannten Ouvrages d'art, mam Bau vum neien Tunnel Rangwee a mam Bau vun neie Brécken an Ënnerquerungen, déi insgesamt mat bal 60 Milliounen Euro chiffréiert sinn.

Fir méi Detailer a puncto Finance verweisen ech op d'Fiche financière, an där sämtlech Depensen am Detail opgelëscht sinn, inklusiv den Exploitationskäschten, déi net Bestanddeel vun dësem Finanzéierungsgesetz sinn.

Deposéiert gouf dës Projet de loi den 18. Abrëll 2018 vum Minister François Bausch. A sengem Avis vum 26. Juni 2018 huet de Statsrot sech positiv dozou geäussert. Den 29. Juni 2018 hu mer eis an der Nohaltegkeetskommissioun mam Projet befaasst an de 5. Juli 2018 huet d'Kommissioun mäi Rapport eestëmmeg ugeholl.

Wéi ëmmer wëllt ech de Responsabele vu Ponts et chaussées an den CFL zum Schluss e grouse Merci ausdrécken an lech alleguer fir d'Nolauchteren, mam Accord vun der grénger Fraktioun.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. An éischte Riedner ass den Här Marc Lies.

Discussion générale

► **M. Marc Lies (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, virop wëll ech der Rapportrice, dem Josée Lorsché, Merci soe fir hiren ausféierleche Rapport iwwert dës Projet de loi 7285.

Dir Dammen an Dir Hären, viru sechs Méint hu mer hei d'Verlängerung vun der Tramsstreck vun der Gare centrale bis op d'Cloche d'Or gestëmmt gehat. Fir datt awer den Tram iwwerhaapt an deenen nächste Joren eng Kéier ka bis bei deen neie Stadion respektiv bis op d'Cloche d'Or fueren, muss och dësen Tronçon an der Rue des Scillas gebaut ginn. De Module „Nord“, dee gouf virun zwee Joer praktesch op den Dag genau och hei an der Chamber gestëmmt. Mä de Module „Central“, also den Ëm- an den Ausbau vun der Rue des Scillas ass erfuenderlech, fir datt och an Zukunft den Tram an déi Richtung ka fueren.

Ech mengen, dëst ass een extrem komplizéierten Deel, wat de Bau an den Ëmbau ugeet vun der besteender Strooss, well eng ganz Partie Propriétéite ronderëm sinn, well effektiv och nach Betriber do sinn, déi fonctionnéieren, an do ass de Problem notament deen, datt eng Rei vun Emprisen do musse geholl ginn. Dat sinn net manner wéi 1 Hektar an 59 Ar, déi a Privatbesëtz sinn. An do wollt ech de Minister eng Kéier froen, wéi wäit datt de Stat ebe mat den Negociatiounen, wat dës Emprisen ugeet, ass.

Wéi d'Rapportrice scho gesot huet, sinn et eng ganz Partie Aarbechten, déi hei wäerte gemaach ginn. Ech wëllt hei vläicht ergänzend soen, datt och een zweeten Tüb, dat heescht eng zweet Zoufaart a Richtung vum Rond-point Gluck nach hei matgebaut wäert ginn. Dat heescht, een zweeten Tüb duerch den Tunnel Rangwee. Verluecht wäert och d'Drosbech ginn, de Baachlaf, dee momentan nach ënner enger privater Propriétéit duerchleef. Am Kader vun den Aarbechte soll dann och d'Drosbech an een anert Bett geluecht ginn, soudatt an Zukunft do dës Baachlaf net méi duerch privat Propriétéite wäert lafen.

Wat wichteg ass, wat virun och scho gesot ginn ass, ass déi Konnexioun vun der Strooss, dat heescht deen Y iwwert d'Autobunn, wou notament dann och fir déi duuss Mobilitéit eng Infrastruktur geschäfe gëtt, wou een an Zukunft kann a Richtung vun dem CNIS an awer och vum Lycée Vauban fueren an natierlech awer och dann direkt a Richtung vun deem neie Park, dee vusäite vun der Stad Lëtzebuerg zu Gaasperech wäert gebaut ginn.

Do hätt ech eng aner Fro, och un de Minister, ob et net eventuell unzedenke wär, fir d'A3

zousätzlech ze iwwerdeckelen. Domat kéint ee vläicht an Zukunft och nach aner Infrastrukturen dohinnerbauen. Beispillsweis kéint een undenken, do ee Parkhaus eng Kéier ze bauen, vu datt dat relativ no beim Lycée Vauban läit an awer och beim CNIS, a fir eventuell do direkt eng Opfaart vun der A3 ze maachen, fir vun dësem Parkhaus kënnen ze profitéieren.

Dës Secteur, de Ban de Gasperich an awer och d'Zone d'activité um Houwald, dee wäert an Zukunft iwwer ee Modal Split 40/60 ugeduecht sinn. Dat heescht, datt déi duuss Mobilitéit soll extrem an dësem Baugebitt gefërdert ginn. Hei hätt ech och nach eng Fro respektiv Suggestioun, wat déi duuss Mobilitéit ugeet: Wann eben deen zweeten Tüb gebaut gëtt fir a Richtung vum Rond-point Gluck, datt och do gekuckt gëtt, datt déi Zoufaartsméiglechkeeten, ob elo fir e Cyclist respektiv fir ee Foussgänger, a Richtung vun deem neie Park op Starter Säit, also zu Gaasperech, dann och fir déi Houwalder Leit vum Plateau Houwald natierlech méiglech soll sinn.

D'Assise vum Tram wäert an Zukunft relativ no laanscht verschidde Privatpropriétéiten an der Rue Auguste Scholer féieren. An hei och, ech mengen, dat wor awer och schonn oder ass am Projet mat virgesinn, datt een adequate Schallschutz soll ronderëmgebaut ginn. Och ass et wichteg, a Kontakt ze bleiwe mat der Noperschaft, mat de Leit, déi ronderëm wunnen, fir hinnen déi Angscht virun dësem Ouvrage ze huelen.

Zum Schluss wëllt ech nach froen, vu datt mer virun zwee Joer de Module „Nord“ vun der neier N3 hei gestëmmt haten, wéini dës Aarbechte sollen ugoen, wéi laang datt se wäerten daueren an dann awer och, wéini gegebenensfalls elo d'Aarbechte vum Module „Central“, also hei vum Ëm- an Ausbau vun der Rue des Scillas, kënnen ugoen. A last but not least och nach eng Kéier d'Wichtigkeet vun dem Module „Sud“, dat heescht de Contournement d'Alzingen, hei ervirhiewen. Vu datt dës Strooss vital ass fir d'Awunner aus der Gemeng Hesper an och fir d'Awunner aus der Gemeng ronderëm, duerfir kann de Minister eis vläicht och do soen, wou d'Avisen dru sinn a wéini beschtefalls mat der Consultation publique ze rechnen wär.

An dësem Sënn wëll ech och all deene Leit, déi hei un dësen Aarbechte matbedeelegt sinn, ee ganz grouse Merci soen a ginn heimat och d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. An dann huet d'Wuert den Här Yves Cruchten.

► **M. Yves Cruchten (LSAP).** - Merci, Här President. Ech géif dann och ufänken an der Madamm Lorsché villmools Merci soe fir hire Bericht.

Ech mengen, dass et sech hei net ëm eng Klengegekeet handelt, dat gesi mer alleguerten direkt am Ufank vum Text. Wa mer gesinn, dass et sech awer ëm e Projet handelt, deen 130 Milliounen grous ass, da wësse mer, dass vill do geschaff gëtt. A mir musse wëssen, dass et och néideg ass, dass vill do geschaff gëtt, an d'Mobilitéit investéiert gëtt am Süde vun der Stad Lëtzebuerg, déi an engem grouse Wandel ass.

Wa mer wëssen, dass an deenen nächste Jore 25.000 weider Aarbechtsplaze wäerten entstoen, esou vill Dausend nei Logementer, esou vill nei Awunner, dann ass et wichteg, dass mer eis matzäite Gedanke maachen, wéi mer do d'Gestioun vum Trafic, awer och vun alle méigleche Formen vun der Mobilitéit kënnen maachen. An duerfir ass et gutt. An de Minister gradesou wéi d'Regierung ass fir dee Projet hei ze felicitéieren.

An ech ginn den Accord vun der LSAP-Fraktioun.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Da kritt den Här Lamberty d'Wuert.

► **M. Claude Lamberty (DP).** - Här President, de Projet, dee mer haut stëmmen, ass e weidert Element, ech géif souguer soen en immens wichteg Element am Gesamtkonzept wat d'Mobilitéit fir d'Leit, déi aus südlicher Richtung an d'Stad Lëtzebuerg erakommen, ubelaangt. Dat wichtegst Puzzlestéck huet souwuel Auswierkungen op déi verschidden Infrastrukture wéi awer och op d'Gewunnechte vun de Leit a wäert d'Basis si fir gréisser Verännerungen, och optescher Natur, vun dësem Houwalder Quartier.

An de leschte Méint konnt een hannernt dem Houwald déi wuel gréisste Verännerung vun engem Quartier hei am Land mat eegenen Ae quasi beobachten. D'Eropwuesse vum Ban de Gasperich mat den neien Infrastrukturen ze erliewen, ass net just spektakulär, mä bréngt och immens Neierungen an Erausfuerrungen mat sech.

Dass also d'Rue des Scillas elo quasi eng Neiausrichtung brauch, fir deenen Erausfuerrungen gerecht ze ginn, ass nëmme logesch a liicht, mengen ech, och total an.

Ganz besonnesch d'Awunner aus der Gemeng Hesper, méi präzis déi vum Houwald, déi dës Strooss, also d'Rue des Scillas, bis dato als vill befuereen an awer éischter kleng bis mittelgrous Strooss erlieft hunn, mat Entrepreneuren, Supermarchéen, Geschäfter, Sportsinfrastrukturen a Parkingsméiglechkeeten, wäerten an den nächste Joren Zeie gi vun enger regelrechter Neigestaltung, jo, enger anerer Opdeelung mat neiem optesche Look an awer och mat neie Méiglechkeeten a Chancë vu Wunraum, vun Akafsméiglechkeeten a besonnesch Mobilitéitsvirdeeler, déi dës Projet mat sech bréngt.

Mat der Arrivée vum Tram an d'Gemeng Hesper, präzis op den Houwald, mam Ausbau vum Park & Ride, mam Fäerdegstelle vun der Gare Houwald, mam Fërdere vun der Mobilitéit douce gëtt mat dësem Deel e wichteg a richteg Ausrufezeeche gesat.

Hei sief och déi Bréck erwänt, deen Y, deen do opgeriicht gëtt, fir quasi den duusse Verkéier, d'Mobilitéit, déi duuss Mobilitéit an d'Quartieren eranzekréien, esou wéi och de Marc Lies et elo scho gesot huet, fir bei de CNIS ze kommen, fir bei de Lycée ze kommen, fir bei de Park ze kommen, wou och d'Houwalder Awunner hoffentlech an Zukunft gutt ugebonne kënnen dervu profitéieren.

Aus dem bekannte Rond-point Gluck gëtt mat dësem Projet eng gréisser Kräizung geschafen. Och dat wäert fir Neierungen a Verbesserung suergen a schreift sech an an d'Gesamtkonzeptioun vun der Neigestaltung vun der südlicher Entréesdier an d'Stad Lëtzebuerg.

Nodeems mir virun zwee Joer op dëser Plaz schonn en éischte wichtege Deel vum Reamenagement vun der Süddier gestëmmt hunn, mam Pôle d'échange Bouneweg, geet et dann haut, wéi gesot, ëm de Pôle d'échange Houwald. Wann e bis operativ fäerdeggestallt gouf, kann de Passagéier hei quasi op all denkbare Verkéiersmëttelen zréckgräifen. Op dës Pôle d'échange komme beispillsweis effektiv net manner wéi aacht Busquaien.

Säit Enn 2017 fuere jo och schonn Zich vun der Gare Houwald. A wann alles do fäerdeggestallt ass, wäert den Houwald ee vun deene wichtegste Punkten am Zuchplang vum Land sinn. D'Zuchgare ass also e Kärelement vum Gesamtkonzept. Den Tram wäert fir schnell a fir vill Mouvementer suergen. D'Autobunn verleeft quasi niewendrun, fir net ze soe matten derduerch, an de Park & Ride gëtt em méi wéi 600 Plazen ausgebaut. Aus der Rue des Scillas gëtt e Boulevard mat zweemol zwou Bunn.

Dir gesitt, et ass méi wéi just en neie Look par rapport zu haut; éischter eng komplett Neigestaltung mat engem neie Konzept.

All dës Mesuren droen näamlech derzou bäi, Alternativen - gutt Alternativen! - zum individuellen Autosverkéier eran an de Stadkär vun eiser Haaptstad unzëbitten an de Leit d'Méiglechkeet ze ginn, sech besser a méi bequem fortzebewegen, an dat op verschiddenst Weeër, mat ënnerschiddleche Verkéiersmëttel, wéi Bus, wéi Tram, wéi Zuch, wéi Vëlo, awer natierlech och net den Auto komplett ze vergiessen.

Dës Mesuren droen och derzou bäi, de Verkéier aus de Wunnquartieren eraus bei dës peripheren Strukturen ze kanaliséieren. Besonnesch den Amenagement vun der Rue des Scillas, mat allen Neierungen, déi ech elo beschriwwen hunn, mécht et méiglech, och en Deel Verkéier aus der Route de Thionville erauszekréien a Richtung Park & Ride respektiv Pôle d'échange Houwald.

Esou frou ech sinn iwwert d'Weiderkommen an dësem Projet, dee jo a verschidde Phasen opgedeelt ass, haut si mer bei der Phas 3, wéi ech awer déi Phas net vergiessen, déi fir mech essenziell wichteg ass a bleift, dat ass déi Phas, fir dass Hesper net total am Verkéier stoe bleift an hänke bleift. Hesper brauch de Contournement. Nëmme dann ass dat, wat haut hei gestëmmt gëtt, och a senger Gesamtheit als Erfolg ze gesinn.

Dovun ofgesinn, wëll ech nach eng Kéier ënnersträichen, dass dës Projet eng wichteg Etapp an e wichteg Element an der Entwécklung vum Süde vun der Stad an de Gemenge ronderëm duerstellt. Wann e bis Realitéit ass, wäert sech viles zum Gudder verännert an d'Liewensqualitéit, d'Gewunnechten an d'Mobilitéitsoffere vun de Bierger verbessert hunn.

Och wann een esou e grouse Projet net iwwer Nuecht realiséiert kritt, ass et fir eis als Demokratesch Partei awer essenziell, dass alles druge-



sat gëtt, dass séier kënnen déi éischt Baggere rullen.

Dat gesot, ginn ech den Accord am Numm vun der DP-Fraktioun, net ouni awer der Rapportrice, der Madamm Lorsché, e ganz grouse Merci ze soe fir hire gudden a frëndleche Rapport.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Den nächste Riedner ass den Här Gast Gibéryen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Merci, Här President. Här President, ech wëll och der Kolléigin Lorsché Merci soe fir déi zwee Rapporten. Ech hat et virdru vergiess.

Dat hei ass, jee nodeem, wéi een et kuckt, och e ganz wichtege Projet. Ech mengen, alleguer déi, déi den Houwalder Plateau do kennen, d'Rue des Scillas, wëssen, wat fir eng Situatioun mer haut do virfannen, datt dat enk Stroosse sinn, den Tunnel, fir op de Rond-point Gluck ze kommen, datt mer do permanent och Stau hunn, wéi mer en op anere Plazen hunn. Datt duerfir deen Deel do weider ausgebaut gëtt an un déi modern Verkéierssituatiounen ugepasst gëtt, kann een nëmme begrëissen.

Et muss een awer wëssen, wa mer de Ban de Gasperich bis fäerdeg hunn, egal wat fir eng Infrastruktur mer am ëffentlechen Transport oder an de Stroossen do maachen, datt mer zu Hesper wäerten ëmmer méi ee grouse Problem kréien, an déi permanent Stauen, déi moies zu Hesper sinn, déi wäerten och duerch dës Projeten net méi kleng ginn. Ech géif éischer soen, datt se méi grouss ginn, well eleng op de Ban de Gasperich, wat do vu Leit schaffe kënn, egal ob se mam Zuch, iwwert d'Autobunn kommen, et kënn och en Deel iwwert d'Nationalstroosse weider, soudatt Hesper nach wäert weider zousätzlech Verkéier kréien. An do kann ech mech nëmme mengem Virriedner uschlëssen: Soulaang wéi mer net de Contournement vun Hesper kréien, wäert Hesper ëmmer méi an dem Autosverkéier erstécken.

Zu deem Deel vum Projet also ass et positiv vun eiser Säit. Mä Dir kennt eis Positioun zum Tram. A well deen heite Projet gréisstendeels - de finanziellen Deel - wäert och wat den Tram ubelaangt maachen, deem mir ni wäerten zoustëmmen, a wann en emol bis eng kéier fäerdeg ass, wäerten d'Leit och eréischt gesinn, och an deem Eck, wat dat fir zousätzlech Problemer wäert bréngen, duerfir wäerte mir eis bei dësem Projet enthalten.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Domat si mer um Enn vum allgemengen Debat ukomm. D'Wuert huet den Nohaltegkeetsminister.

Prise de position du Gouvernement

► **M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.**- Merci, Här President. Merci der Madamm Rapportrice fir hire schrëftlechen a mëndleche Rapport an allen Deputéierte fir hire Bäitrag.

An ech wëll hannen ufänken an dem Här Gibéryen soen: E ka mat rouegem Gewëssen oder si kënnen mat rouegem Gewëssen dëst Gesetz stëmmen, well an dësem Gesetz ass kee Centime dra fir den Tram! All déi Infrastrukturen, déi hei gemaach ginn,...

(Interruption par M. Gast Gibéryen)

...déi musse souwisou gemaach ginn. A géint den Tram konnt Der schonn eng kéier stëmmen, well dat war dat Gesetz, wat mer am Dezember hei gestëmmt hunn d'lescht Joer. Dat war näamlech d'Extensioun vum Tram op d'Cloche d'Or.

An duerfir, wéi gesot,...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- ...huet mam Tram ugefaange bei dësem Projet.

► **M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.**- Jo, neen. D'Madamm Lorsché huet just gesot, datt si natierlech frou ass, datt den Tram dohinner kënn.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Nee, nee. Nee, nee!

► **M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.**- Dat verstinn ech. Dat ass total nozevollzéien.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Si huet mam Tram ugefaangen!

► **M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.**- Ech wöllt lech just soen, datt hei op alle Fall déi Stroosseninfrastruktur, wéi se gebaut ginn ass - wann den Tram net komm wär, da wär eng

duebel Busspur dropkomm. Dat heescht, d'Breet vun der Strooss hätt kee Meter geännert. Si wär souguer éischer e bësse méi breet ginn, well eng Busspur brauch méi Plaz wéi eng Tramspur. Mä bon, enfin, dat ass awer elo egal.

Dat Wichtigst ass gesot gi vun den eenzelne Riedner hei. Ech wëll hei nach eng kéier betounen, datt dat heiten een extrem wichtege Projet ass fir déi ganz Entwécklung am Südwesten a ronderëm de Südweste vun der Hauptstadt.

An et ass en extrem wichtege Projet, net nëmme fir d'Liewensqualitéit vun de Leit, déi do wunnen, mä och fir eise Wirtschaftsstanduert. Dee ganze Südweste vun der Stad - dat geet iwwert den Houwald, wat d'Gemeng Hesper ass, de Ban de Gasperich, d'Cloche d'Or, mä och souguer, déi aner Säit eriwuer gekuckt, Richtung Leideleng, well hei kommen nach eng kéier d'Zesummenhäng a Richtung Leideleng, déi heimadder ze dinn hunn -, do sinn haut schonn immens vill Aarbechtsplazen, do wäerten der nach vill bäikommen, an duerfir ass dat heiten ee ganz bedeitende Projet.

Et ass am Fong d'Suite vun der Aarbecht, déi mer am Laf vun dëser Legislaturperiod an déi Richtung gemaach hunn. Dir wësst, datt Der déi nei N3 gestëmmt hutt, virun annerhallwem Joer, wa meng Erinnerung gutt ass. Do geet et drëms, eben eng ganz nei Strooss ze bauen, déi vun der Gare iwwert den neie Pont Buchler - dee komplett nei gebaut gëtt - hanne laanscht d'Eisebunn eropgeet bis bei d'Rue des Scillas. An dann ass dat heiten deen zweeten Deel, et ass am Fong d'Vergrößerung vun der Rue des Scillas mat der Schafung vun deem Pôle d'échange mat all deenen Infrastrukturen, Vëlospisten, alles dat, wat opgezielt ginn ass vun der Madamm Rapportrice, wat hei soll derbäikommen.

An da kënn am Prinzip nach eng kéier den drëtten Deel, dat ass natierlech de Module „Sud“, dat ass de Contournement.

Ech wëll soen, well d'Froe stellt gi sinn: Wou si mer dru mam éischen Deel? Déi nei N3, do sinn d'Ausschreiwungen am Lafen. Do geet et virun allem ëm de Pont Buchler, dat ass dee komplizéiertsten Deel, fir deen nei ze bauen. Wa mer um Pont Buchler kéinte schaffen am Stil „ouni Eisebunn ënnendrenner“, datt mer déi Bréck kéinten einfach relativ séier komplett erneieren, wär dat manner komplizéiert. Allerdéings schaffe mer do iwwert dem Häerz vum Eisebunnreseau vu Lëtzebuerg. An Dir kënn lech virstellen, datt een do natierlech net kann egal wéi schaffen.

Do si mer ugewisen u gewësse Sloten, well d'Zich ënnendrenner fueren, et si bestëmmt speziell Sécherheetsbedéngunge virgeschriwwen. Duerfir ass dat e ganz opwendegen, komplizierten, komplexe Projet. Dat ass och deen Deel, deen am längste wäert daueren. Et ass virgesinn, datt deen Enn 2022 soll fäerdeg sinn. Parallell gëtt natierlech och um Rescht vun deem ganzen Tracé gebaut. Dat heescht, de Chantier fir déi nei N3 geet am Prinzip elo Enn des Joers un, mat éischte Preparativen, d'Bréck an och doriwwer eraus. An doriwwer eraus soll au fur et à mesure am Laf vum Joer 2019 natierlech och an der Rue des Scillas ugefaange ginn. Et ass virgesinn, datt am Fong dee ganzen Tronçon, déi ganz Streck, bis erop op déi aner Säit an de Ban de Gasperich, soll Enn 2022 fäerdeg sinn.

Mir mussen awer wëssen, an dat ass och ganz opwendeg: Hei an der Rue des Scillas muss eng Baach verluecht ginn, déi gëtt och an engems erëm renaturéiert. Et musse Leitunge verluecht ginn. Also, et ass schonn e ganz komplexe Projet, deen hei gemaach gëtt. Duerfir dauert dat och laang. Enfin, kann ee soen, dat ass laang, wann dat dräi Joer dauert? Ech soen emol: Wa mer dat hei an dräi Joer hikréien, dann hu mer exzellent geschafft! Vu datt mer jo awer och nach an enger Situatioun schaffen, wou Verkéier ass an deem Eck.

Mä wéi gesot, mir hunn haaptsächlech vill un den Detailstudie geschafft. An do gëtt et ze soen, datt méi Leit sech musse koordinéieren, d'Eisebunn mat Ponts et chaussées, mat Lux-Tram, well déi schaffen do jo alleguer zimlech zesummen a parallell un deenen eenzelne Chantieren. Mä ech sinn awer gudder Dëng, esou wéi déi Planung organiséiert ginn ass déi lescht Joren, datt dat wäert klappen.

Dann ass et och esou, fir de Module „Sud“ - dat war gefrot ginn -, dat heescht, deen eigentleche Contournement vun Hesper/Alzeng, do si mer an der Schlussphas, fir d'Éies-Prozedur an d'ëffentlech Prozedur ze ginn. Do sinn nach lescht Etüden, déi wäerte bis am Hierscht virleien. Am Fong ass virgesinn, datt bis Enn des Joers mer an déi ëffentlech Prozedur ginn, dat heescht, d'Bierger kréien dann alles virgestallt. Da kënnen d'Gemengen an natierlech och d'Bierger hir Aspréch maachen an esou weider. Dat ass natierlech e ganz komplizéierte Projet.

Do ass et manner, well mer duerch urban Gebitt fueren, mä well natierlech bei all de Varianten, déi gekuckt gi sinn, et keng gëtt, déi net duerch d'Natura 2000 geet. Dat ass natierlech net einfach, an do musse mer wierklech gutt oppassen, wat mer maachen: datt mer éischstens genau d'Prozeduren anhalen, datt mer am Fong och nowiesen, datt dat hei fir den ëffentlechen Notzen onerlässlech ass, et also keng aner Méiglechkeet gëtt, wéi dat doten ze bauen.

Et ass awer och e weidere Bewäis, datt dat net stëmmt, wann nach ëmmer gär dobaussen d'Meenung vertruede gëtt, datt een an den Natura 2000-Gebidder näischt dierft maachen. Dat ass net esou. Et kann een duerchaus och an esou engem Gebitt eppes bauen, mä da sinn natierlech besonnesch Virsichtsmaassname virgesi respektiv da muss ee wierklech genee beleeden, datt et keng aner Méiglechkeet ginn ass. Mä och déi Aarbechten, wéi gesot, déi lafen. Do ass vill dru geschafft ginn. An ech ginn dervun aus, datt mer do den Timing kënnen anhalen, fir Enn des Joers an déi ëffentlech Prozedur ze goen.

Ech si mer sécher, datt am Südweste vun der Hauptstadt, wa mer déi Infrastrukturen hei all net bauen, de Verkéier net méi fonctionnéiert. An ech sinn awer och gradesou sécher, datt fir déi Leit, déi do wunnen a schaffen, wann eng kéier alles bis fäerdeg ass, d'Liewensqualitéit sech immens wäert verbessere par rapport zu haut, och wann et natierlech an der Chantiersphas méi komplizéiert ass a mat Nodeeler verbonnen. Mä fir eppes ze verbessern, musse mer fir d'Éischt bauen, an ech géif mengen, et misst een dat kënnen mat a Kaf huelen, well duerno gëtt et wesentlech besser. Wann Der lech ukuckt, wéi herno den ëffentleche Raum do ausgesäit, da kann een dat absolut feststellen. An ech mengen op alle Fall, datt et gutt ass, datt dëst Gesetz hei mat grousser Majoritéit, fir net ze soe bal Unanimitéit, vun der Chamber gestëmmt gëtt.

Merci.

Här President, den Här Lies wëllt, mengen ech, eppes froen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Den Här Lies wëllt eppes froen.

► **M. Marc Lies (CSV).**- Just nach eng kleng Ergänzung. Merci, Här President, fir d'Wuert, ech hat et virdrun och gefrot gehat. Also ech mengen, datt de Bau vun dëser Strooss extrêmement wichteg ass, souwuel fir den ëffentlechen Transport wéi och fir d'Mobilité douce an den Individualverkéier. De Problem läit natierlech hei bei den Emprisen. Här Minister, vläicht...

► **M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.**- Ah jo.

► **M. Marc Lies (CSV).**- ...kënn Der eis nach ee Wuert iwwert d'Emprise soen?

Merci.

► **M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.**- Här President, ech hat dat vergiess.

Also, mat engem Propriétaire si mer eens, do ass och eng Konventioun do. Ech mengen, dat ass dee Projet, deen den Här Lies och kennt. Da bleiwen nach zwee aner Propriétaires, mat deene si mer awer an der Diskussioun, an enger ganz konstruktiver Diskussioun. Dat eent ass d'Firma Feidt an der Rue des Scillas selwer, an dat anert ass een anere Grupp, wann een eriwuergeet just vis-à-vis vun deem, wou mer eens sinn. Dee gesinn ech awer och elo gläich nach eng kéier. Also, de Wëllen ass do, bei alle Propriétaires, fir matzehëlfen, datt et eppes gëtt.

Et muss ee jo och soen, datt de Fait, datt de Stat hei esou vill investéiert, jo eng immens Opwärtung ass vun deenen Terrainen, déi do sinn. Et ass jo net, wéi wann déi Terrainen do manner wäert ginn duerch de Fait, datt mir hei héich performant Infrastrukturen bauen.

Et gëtt natierlech Detailler ze kucken. Virun allem zum Beispill bei der Firma Feidt verstinn ech natierlech, datt hire Betrib muss fonctionnéieren. Déi hu jo och virgesinn, mëttelfristeg op eng aner Plaz ze goen zu Zeisseng, déi och, mengen ech, besser géif leien. Mir hëlfen och, alles ze maachen, datt dat klappt. Déi läit näamlech un der Autobunn, wou se da vill méi séier mat hire Camionen op der Autobunn sinn an net méi mussen duerch d'Uertschaft, also duerch den Houwald fueren. Och dat wär also éischer, géif ech mengen, eng Erlichterung. Also mir sinn a ganz positive Gespréicher, an ech sinn och ganz gudder Dëng, datt mer mat deenen zwee anere Propriétaires wäerte kënnen eens ginn an datt mer d'Utilité publique, déi hei jo elo virgesinn ass duerch d'Gesetz, net musse spille loossen, dat heescht, an d'Expropriatioun ze goen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Dann, mengen ech, kënnen mer zum Vott iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7285 et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwuer.

57-mol Jo, 3 Enthaltungen. Domat ass de Projet de loi 7285 ugehall.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gasch, M. Aly Kaes, Mme Claudine Konsbruck, M. Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Laurent Mosar) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, Sam Tanson et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

D'Dispens vum zweete Vott, ass d'Chamber d'accord?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mer géifen zum nächste Punkt kommen, dem Projet 7152, der Ëmsetzung vun enger Direktiv iwwert d'Enquête européenne am Stroferecht. D'Madamm Sam Tanson huet d'Wuert.

6. 7152 - Projet de loi portant

1° transposition de la directive 2014/41/UE du Parlement européen et du Conseil du 3 avril 2014 concernant la décision d'enquête européenne en matière pénale;

2° modification du Code de procédure pénale;

3° modification de la loi modifiée du 8 août 2000 sur l'entraide judiciaire internationale en matière pénale

Rapport de la Commission juridique

► **Mme Sam Tanson (déi gréng), rapportrice.**- Merci, Här President. No all deene Bauprojekte gi mer dann elo e bësse méi theoretesch mat der Transpositioun vun enger Direktiv. Wéi Der et richtig gesot hutt, et ass d'Direktiv Nummer 2014/41 iwwert d'Décision d'enquête européenne en matière pénale. Et geet hei ëm d'Uniformiséierung vum Droit à l'entraide en matière judiciaire pénale an der Europäescher Unioun. An dësen Text ersetzt eng sëllege besteeënd Texter, virun allem an deene Situatiounen, wou d'Länner d'Direktiv transposéieren. Zum Beispill ass do concernéiert eist Gesetz vum 8. August 2000 iwwert d'Entraide judiciaire internationale en matière pénale.

D'Gesetz huet sechs Kapiteln. Ech ginn elo just op déi wichtegst Elementer an.

D'éischt Kapitel traitéiert d'Principes généraux vun der Décision d'enquête européenne a regelt och, a wéi engen Zorte vu Prozeduren esou eng Decisioun ka geholl ginn.

D'zweet Kapitel leet d'Décisions d'enquête européenne fest, déi vun de Lëtzeburger Autoritéit geholl ginn. Wien hält se? De Procureur, den Untersuchungsrichter oder d'Juridiction de jugement. D'Lëtzeburger Autoritéit kann och froen, fir bei der Exekutioun vun där Mesure, déi se gefrot huet am auslännesche Stat, mat derbäi ze sinn, also am État d'exécution ze assistéieren.

An d'Kapitel 3 traitéiert déi Decisiounen, déi hei zu Lëtzebuerg mussen exekutéiert ginn, déi also an engem anere Memberstat geholl goufen. Do ginn d'Formalitéit geregelt. Mä do geet et virun allem och - an dat ass, mengen ech, dat, wat eis am meeschte wäert beschäftegen haut - ëm déi Fäll, wou et ka refuséiert ginn, fir eng Décision d'enquête européenne auszeféieren, zum Beispill bei enger Immunitéit oder bei engem Fall vun „non bis in idem“, dat heescht, wa schonn eng kéier eng



Poursuite oder eng Condamnatioun fir déi-selwecht Infraktioun gemaach ginn ass.

Dann ass awer och kloer geregelt, a wéi enge Fäll esou eng Decisioun net ka refuséiert ginn, hei zu Lëtzebuerg exekutéiert ze ginn. Dat sinn Infraktiounen, déi am Artikel 16 opgefouert sinn a wou eng Peine vun dräi Joer drop steet. Ech soen lech elo net déi ganz Lëscht, dat ass eng Hällewull vun Infraktiounen. Dat geet vum Viol iwwert d'Escroquerie, et sinn e ganzen Deel vun Infraktiounen do couvériert.

An da gëtt et och Moosnamen, wou een net ka refuséieren ze exekutéieren, dat heescht, dat ass dat, wat dann hei zu Lëtzebuerg muss realiséiert ginn. Dat ass den Artikel 17. Dat sinn alles Mesuren, déi net agräifen an d'Fräiheete vun deene Beträffenen. Et geet ëm d'Beweiser, déi zum Beispill schonn zu Lëtzebuerg bei den Autoritéite sinn, et geet ëm Auditounen, also alles, wéi gesot, wat d'Rechter an d'Fräiheeten net aschränkt.

An dat Kapitel gesäit och nach vir, dass esou séier wéi méiglech mussen Decisiounen geholl ginn, ob eng Décision d'enquête européenne zu Lëtzebuerg kann exekutéiert ginn. Et ass en Delai vun 30 Deeg virgesinn an dann nach eng Kéier en Delai vun 90 Deeg, bannent deem dann d'Mesure muss exekutéiert ginn. Natierlech gëtt et ëmmer Ausnahmen.

Eng speziell Sektoun regelt déi coercitiv Moosnamen, dat sinn d'Saisien, d'Perquisitionen. Hei gesäit den Artikel 25 notament vir, dass en Établissement de crédit sengem Client oder enger Tierce personne net kann d'Informatioun weiderginn iwwer eng Saisie, déi an deem Établissement de crédit realiséiert gëtt, ausser et läit eng express Autorisation vir vun den Autoritéiten, déi d'Moosnam ugeuerdnet hunn.

Dann ass och d'Prozedur geregelt vun den Iwwerpräiwunge vun dese Moosnamen. Dat ass d'Chambre du conseil, déi d'office déi formal Regularitéit vun der Prozedur iwwerpréift an och muss den Okay ginn, fir dass saiséiert Dokumenter an Objeten an d'Ausland transféréiert ginn.

Et ass och eng Prozedur virgesinn, wéi déi concernéiert Persounen oder Tierces intéressés kënnen e Memoire bei der Chambre du conseil ofginn. A géint d'Ordonnance vun der Chambre du conseil ass kee Recours virgesinn.

Dann ass nach eng speziell Prozedur virgesi bei der Chambre du conseil, wann aner Bienë wéi Objeten an Dokumenter saiséiert goufen, zum Beispill Immobilien oder Avoir-financieren.

D'Kapitel 4 concernéiert eng Rëtsch méi speziell Moosnamen, zum Beispill den Transfèrement vun enger Persoun, d'Interception vun Telekommunikatiounen, Informatiounen iwwer Bankkonten an d'Videokonferenzen. An dat ass e Punkt, dee betrëfft elo net just d'Mesures européennes, déi hei agefouert ginn, mä dee betrëfft generell eis Procédure pénale, dass elo an Zukunft d'Méiglechkeet agefouert gëtt an eise Code de procédure pénale, fir iwwer Videokonferenz Temoinen, Affere oder Experten ze héieren. Dat ass zum Beispill wichtig, wann ee wëllt evitéieren, dass d'Leit konfrontéiert gi mam potenziellen Täter, oder wann een an engem Prisong incarceréiert ass, fir dann op eng einfach Aart a Weis kënnen déi Auditounen ze maachen.

Nach e leschte Punkt zu de Käschten. Dat ass d'Kapitel 5 vum Gesetz, dat gesäit vir, wéi d'Froe vun de Käschte geregelt sinn. Am Prinzip ass et de Lëtzeburger Stat, deen d'Käschten iwwerhëlt fir d'Moosnamen, déi hei zu Lëtzebuerg exekutéiert ginn, es sei denn, et wären elo exceptionnell Fraisen. Da muss mam État membre d'émission gekuckt ginn, awéi-fern déi Fraisen opgedeelt ginn.

Just kuerz zu den Daten. De Projet ass deposéiert ginn den 21. Juni 2017. De Statsrot huet säin Avis ofginn de 15. Dezember 2017. D'Commission juridique huet de 16. Mee 2018 d'Amendement adoptéiert. Dertëscht war ech Rapportrice genannt ginn. De Conseil d'État huet e complementairen Avis ofginn de 26. Juni, an de Rapport ass de 4. Juli ugehol ginn.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. An éischte Riedner ass den Här Léon Gloden.

Discussion générale

► **M. Léon Gloden (CSV).** - Merci, Här President. Fir d'Éischt der Rapportrice Merci fir hire schrëftlechen a mündleche Rapport. Et ass en Gesetzesprojet, deen net anodin ass. Mir maachen e weidere Renforcement am Kader vun der Entraide judiciaire européenne. Mir hate schonn eng Rei Projete hei am Plenum, wou mer jo iwwert d'Exequatur och vun de Jugementer eng Harmonisation gestëmmt hunn. Hei gi

mer am Fong am penale Beräich deeselwechte Wee en matière d'enquête.

De Prinzip bleift, dass et eng double Incrimination muss si fir déi Infraktiounen, fir déi eng Enquête gefrot gëtt, dat heescht souwuel am État d'origine wéi dann an eise Fall hei zu Lëtzebuerg, ausser fir déi berüümt Lëscht, déi d'Madamm Rapportrice invoquéiert huet. Do muss ee just wëssen: Déi Lëscht ass ganz etofféiert, do sti ganz vill Infraktiounen drop.

Da wëll ech just zum Schluss nach bemerken, dass och hei erm e Projet de loi ass, dee leider eréischt no dem Délai d'expiration vun der Direktiv agereecht ginn ass. Ech hat et schonn eng Kéier hei monéiert, oder schonn e puermol monéiert à l'égard vum Justizminister: Et wier wierklech gutt, wa mer bei esou wichtege Projekte kéinten d'Delaie respektéieren. Ech mengen, dat géif och gutt ugesi ginn zu Bréisel.

Zum Schluss ginn ech dann den Accord vu menger Fraktioun.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Den Här Alex Bodry.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, och vun eiser Säit dem Sam Tanson Merci fir säi schrëftlechen a mündleche Rapport.

Et geet hei schonn ëm e wichtege Text. Och wann et en Text ass, deen net alles op d'Kopp werft, wat et haut scho vu Regele gëtt, wat d'Rechtshëllef a Strofaffären an der Europäescher Unioun ugeet, ass et awer, mengen ech, e wichtege Element, wa mer vu Sécherheet schwätzen, och wa mer vun Europapolitik schwätzen. Wa mer d'Europäescher Unioun kucken, déi huet sech jo am Beräich vun der Justiz an der Sécherheet en zousätzleche Pilier gi virun enger Rei vu Joren, an hei ass eng praktesch Emsetzung, eng Weiderentwécklung vun där dote Spart vun der Politik an der Europäescher Unioun.

D'Zil vun deenen heiten Texter ass et eigentlech, fir eng nach méi staark Uniformiséierung ze kréie vun deem ganze System vun der Rechtshëllef a Strofaffären an der Europäescher Unioun, mat äänlechen, eenheetleche Formulieren ze schaffen, fir méi schnell, och méi wierksam Prozeduren ze kréien. Dat kann een nëmme begrëssen.

An dach, mengen ech, därer ee besonnesch an der aktueller Situatioun drop hiweisen, wéi wichtig dass et ass, wa mer eng enk Zesummenaarbecht hunn am Strofrecht, an der Strofjustiz, dass all EU-Staten héchsten Normen entsprechen, wat d'Onofhängegkeet vun hirer Strofjustiz ugeet a wat de Prinzip vun der Rechtsstaatlechkeet ugeet. An do muss ee sech Gedanke maachen. Ech denken do nëmme un déi lescht Evenementer a Rumänien, wou jo d'Statsanwältin, déi fir d'Korruptioun zoustänneg ass, elo vun hirem Amt enthuewe ginn ass, wou gewerkelt gëtt un neie Strofgesetze, déi ënner gewëssene Konditiounen d'Korruptioun net méi solle strofbar maachen.

Alles dat muss engem Angscht maachen. An alles dat mécht et eigentlech och schwéier, esou eenheetlech Regeln zu 100% unzewenden. Dat kann nëmme fonctionnéieren, wa wierklech och eenheetlech Standarde vum Rechtsstat a vun der Strofjustiz a sämtlechen EU-State bestinn. Soss gëtt et ganz, ganz schwéier, déi doten Dispositiounen korrekt ze applizéieren, oder si féieren zu Schiflagen.

An duerfir ass et och gutt, mengen ech, dass net nëmme de Prinzip vun der duebeler Incrimination hei nach eng Kéier festgehalen ginn ass, dass eng Strofdot, also e bestëmmtent Verhalten, an deem Land, vun deem d'Demande ausgeet, ënner Strof muss stoen, wéi och an deem Land, wou d'Enquête herno dann exekutéiert gëtt. Dat ass e wichtege Prinzip. Mä et ginn och nach eng Rei vun aneren Hypotheesen opgezielt. Wann et ëm de Respekt vu Mënscherechter geet, wann et ëm de Respekt vu Grundfräiheete geet, och an deene Beräicher ka refuséiert ginn, esou eng Demande fir eng Enquête duerchgeföhren, ze maachen.

An duerfir ass et also an eisen Ae wichtig, nieft den Texter och fir Uerdnung ze suergen, géif ech soen, wat d'Rechtsstaatlechkeet a sämtleche Länner vun der Europäescher Unioun ugeet.

Et bleift beim aktuelle Prinzip, dass fir d'Kontroll vun der Regularitéit haaptsächlech de Parquet général zoustänneg ass, deen also och weider eng wichtege Fonctioun an deem ganze Beräich vun der Entraide judiciaire ze ertellen huet.

Eng zweet Bemierkung, déi ech nach wollt maachen, dat ass vläicht e bëssen ze kuerz komm. An deemem Projet mat erageholl ass jo och elo d'Ofännerung vun eisen nationale Bestëmmungen, wat d'Afféierung vun Audio- a Videokonferenzen ugeet an eise Justizsystem. Dat ass eng Fro, déi an der Vergaangenheet re-

lativ hefteg diskutéiert ginn ass. Ech ka mech erënneren, dass hei e viregte Justizminister e Projet de loi an deem dote Sënn eragereecht hat an dass do relativ vive iwwert déi dote Froen diskutéiert ginn ass. Dee Projet de loi ass entre-temps zrëckgezu ginn. Wéi gesot, d'Iddi, fir Audio- a Videokonferenzen kënnen praktesch an alle Phase vun der Prozedur hei zu Lëtzebuerg anzesetzen, ass an deem heiten Text elo verankert ginn.

Ech hunn net onbedéngt erausfonnt, ob de Barreau oder d'Associatioun vun den Avocats pénalistes zu deem doten awer net onwesentleche Punkt en Avis ginn hunn. Ech mengen net. Op jidde Fall ass et eppes, wou ee muss wëssen, dass et a ville Länner agesat gëtt, dass et sécherlech och a gewëssene Situatiounen d'Prozedur vereinfacht a besonnesch wichtig ass, wann et drëms geet, zum Beispill en Affere ze schützen an him dee Calvaire vun der direkter Konfrontation mam Täter ze erspieren iwwert de Wee zum Beispill vun enger Videokonferenz.

Och nach muss gewäerleescht ginn, dass all d'Rechter vun der Defense respektéiert ginn. De Regierungsprojet ass en anere wéi deen, deen eng viregt Regierung eng Kéier deposéiert hat. Et gëtt probéiert, deem Rechnung ze droen. Ech wëll awer och hei soen, dass menger Usicht no awer d'Videoconférence, d'Audioconférence ëmmer d'Ausnam bleiwe muss, an dass den direkten Austausch, déi direkt Konfrontation vun den Argumenter muss d'Regel bleiwen an eiser Strofjustiz.

Merci.

Dat gesot, wäert natierlech d'LSAP desen Text stëmmen.

(Interruption)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. Nächst Riednerin ass d'Madamm Simone Beissel.

► **Mme Simone Beissel (DP).** - Merci, Här President. Kolleginnen a Kollegen, och ech wëll am Numm vun der DP der Madamm Rapporteur Sam Tanson Merci soe fir hire schrëftlechen a mündleche Rapport.

Wéi meng Virriedner et gesot hunn, ass dëst e wichtege Projet, fir de Rechtsraum a ganz Europa ze stäerken. Mä wéi gesot, en huet seng Tücken an ech wäert net weider drop agoen, well dat ass schonn ervirgehewe ginn. Mir müssen oppassen, dass, och wa mer den europäesche Rechtsraum wëlle stäerken, awer den État de droit zu Lëtzebuerg à tout moment gewäerleescht bleift. Dofir ass de Prinzip vun der duebeler Incrimination extrem wichtig, an et ass och extrem wichtig, dass esou Notiounen, déi elo leider a verschiddenen EU-Memberstater net méi déiselwecht Valeur hunn, wéi d'Pressefräiheet oder d'Mënscherechter, awer zu Lëtzebuerg ëmmer Virrang hunn.

Déi techesch Ofännerunge si scho vun de Virriedner beliicht ginn. Mech freet et, wann ech dat richtig verstanen hunn, dass déi extrem komplizéiert Commission-rogatoire, mat deene mer elo ganz, ganz laang geplot waren, wa mer als Affekoten domat ze dinn haten, elo duerch dese System ofgeännert ginn. Dat hei gëtt am Prinzip, wa mer et richtig op d'Bee kréien, méi einfach, méi effikass a vill méi transparent. An opgrond vun där Bestëmmung schonn eleng ass dee Projet hei extrem positiv.

D'Videokonferenzen, d'Audiokonferenzen, mir hunn eis wierklech schonn oft doriwwer ënnerehalen. Ech sinn och derfir, dass dat soll ganz sensibel gehandelt ginn, dat heescht, dass am Prinzip d'Confrontation directe, d'Présence physique vun de Leit, déi musse gehéiert ginn an aussoen, soll d'Regel bleiwen an eben an enger bestëmmter Serie vu Situatiounen awer d'Videokonferenz an d'Audiokonferenz kënnen agesat ginn.

Dat gesot, bréngen ech heimat den Accord vun der DP.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Dann huet d'Wuert den Här Baum.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).** - Merci, Här President. Mir wäerten deen heite Projet och mat ënnerstëtzen an och matstëmmen.

E spezielle Merci vläicht un d'Madamm Tanson an deemem Fall, well wann ee selwer net Member vun enger Kommissioun ass an et huet een dann de Rapport, wou et och Resumé gëtt vu verschiddenen Avisen, muss ech hir nach eng Kéier Merci soen, dass se och markéiert huet, wat net ëmmer d'gängeg Praxis ass, wéi eng Elementer vun den Avisen dann och emgesat gi sinn am Gesetz via Foussnoten, wat d'Lektür vun deene Rapporte wesentlich vereinfacht.

Mir sinn, wann ech dat richtig verstanen hunn, dat lescht Land, wat elo déi Direktiv ëmsetzt, nieft Dänemark an Irland, déi jo dovunner net

beträff sinn. Mir begrëssen, dass dat elo geschitt. Mir begrëssen och, dass op Intervention vum Statsrot hin awer Elementer, déi an der ursprénglecher Fassung net virgesi waren, notament den Artikel 36, wat Informatiounen ugeet zu Bankkonten oder soss Finanzkonten, elo dra sinn. An der ursprénglecher Fassung waren déi net dran, aus wéi enge Grënn och ëmmer. Duerfir begrësse mer dat do natierlech.

A mir mengen, dass dat hei e gudder Projet ass, deen eis Zoustëmmung féint.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Dann huet d'Wuert den Här Justizminister.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - Merci, Här President. An der leschter Zäit gëtt jo an Europa vill iwwer Grenze geschwat, déi missten opgebaut ginn, fir Europa - soen déi Leit - besser ze schützen. Abee, ech si frou, dass mer haut e Projet zur Ofstëmmung bréngen, dee Grenzen ofbaut, well et net richtig wier, wann an Europa d'Bekämpfung vum Onrecht un de Grenze géif stoe bleiwen. Dat hei ass ee weidere Projet de loi, deen europäesch Texter ëmsetzt, deen derfir suergt, dass an eise Relatiounen, besonnesch am Opbau vun engem gemeinsame Rechtsraum an der Europäescher Unioun, d'Bedeutung vun de Grenze méi kleng gëtt an dass d'Bekämpfung vum Onrecht do-duerch och elo erlichtert gëtt iwwert d'Grenzen ewech.

D'Madamm Tanson, an ech soen hir Merci fir hire schrëftlechen an och fir hire mündleche Rapport, souwéi och deenen anere Membere vun der Commission juridique, huet eigentlech am Detail déi eenzel Aspekter vum Projet de loi erwänt. Och den Alex Bodry ass schonn op eng Rei Punkten a senger Intervention agaangen. Ech wëll dofir just an zwee kuerze Sätz awer nach eng Kéier de Kontext rappeléieren, an deem mer hei schaffen.

An Europa ass den Trend, an dat ass gutt a richtig esou, ëmmer méi a Richtung vu Reconnaissance mutuelle vun de Gerichtsdecisiounen an och ëmmer méi Rapprochement um Niveau vun den Enquêtes. Dat ass fundamental wichtig.

Gläichzäiteg ass et dann awer och wichtig, dass mer an all de Länner gemeinsam Standarden hunn, déi garantéieren, dass déi Uerteiler, déi mer eis bannent den EU-Länner géigesäiteg unerkennen, och deene Standarden entsprechen, déi mer gären hätten, déi mir hei zu Lëtzebuerg an aller Regel och kennen.

Doriwwer gëtt et eng Rei Direktiven. Mir hunn de Moien nach an der Commission juridique geschwat iwwert d'Directive Présomption d'innocence, déi ënner Lëtzeburger Présidence negociéiert ginn ass. Et ass eng vun deene vilen, déi elo geschwënn an d'Pleniéire vun der Chamber wäerte kommen, wou mer dann un deene gemeinsame Standarde schaffen, déi mer gären hätten an all de Länner, fir dass iwwert d'Reconnaissance mutuelle vun de Gerichtsdecisiounen net Problemer entstinn, mä dass mer ausschliesslech doduerjer Problemer léisen an d'Leit an eise Länner, an de Memberslänner, méi séier zu hirer Satisfaktioun kënnen kommen.

Dee Punkt ass awer sensibel. Ech hat nach virun zéng Deeg d'Geleeënheet, mat menger däitscher Justizkolleegin, der Madamm Barley, genee doriwwer ze schwätzen, iwwert déi Noutwendegkeet vun héije Standarden am Kontext vun der Reconnaissance mutuelle. Gläichzäiteg och de Besoin, fir dann déi Reconnaissance mutuelle net ëmmer zu 100% ze hunn, mä dass awer och d'Länner nach kënnen iergendwou an Extremfäll, ënner Émstänn, esou eng Reconnaissance refuséieren, wann et begrënnten Zweifel gëtt. Dat ass awer och eng utile Precaution, fir justement dem System vun der Reconnaissance mutuelle weiderzehliefen. Fir dass se sech duerchsetzt, muss och iergendwou kënnen an enger Iwwergangssituatioun iwwer restriktiv definéiert Limitten diskutéiert ginn, an dat ass an Europa méi wéi eemol och en Thema.

E lescht Wuert zu de Videokonferenzen, déi den Här Bodry e bësse méi developpéiert huet. D'Affekoten hu wuel keen Avis geschriwwen, Här Bodry, mä si waren awer am Aarbechtsgrupp mat derbäi.

Ech wëll soen, dass den Émgang mat der Videokonferenz an den nächste Joren awer e Wäert ass, deen tendenziell an d'Luucht wäert goen. Ech sinn am Moment amgaangen ze diskutéieren, och mat den Affekoten, notament